

EUROPÄESCHMOBILITÉITSWOCH

16. - 22. SEPTEMBER 2025 - [BISSEN.LU/EMW](https://bissen.lu/emw)

SPAASS



FUN




FESTER

FAMILJEN



ANIMATIOUN
FIR D'KANNER



SENSIBILISÉIERUNG

VËLO



Mobilitéit fir jiddereen



#mobilityweek #bissen  

Virwuert vum David Viaggi

Buergermeeschter vun der Gemeng Biissen



#mobilityweek
#bissen



Léif Biergerinnen a Bierger,



D'Mobilitéitswoch 2025 steet ënnert dem Thema „Mobilitéit fir jiddereen“, engem Motto, dat eis all ugeet.

Mobil sinn ass eng Grondvoraussetzung fir eis Fräiheet, eist Zesummeliewen an eise wirtschaftlechen Alldag. Mee nitt jidder-een huert déi selwecht Méiglechkeeten, fir sech sécher, bequeem an nohaltig fortze-bewegen.

Dofir ass nitt nëmmen all Eenzellen, mee och mir als Gemengeverantwortlech gefrot, d'Thema vun dësem Joer mat engem oppene Geescht an der Bereetschaft fir ze hëllefen a Verännerunge matzemaachen, unzegoen. D'Inklusioun vun all Membere vun eiser Gesellschaft, onofhängeg vun hiren Ënnerscheeder, soll eng Prioritéit sinn a sech och an der Mobilitéit reflek-téieren.


Blanne Persounen hëllefen, sécher am Verkéier ënnerwee ze sinn, eelere Leit

einfach ze bewältege Weeër an der Natur ubidden, Bierger an Iwwerschwemmungs Gebidder iwwer Sécherheetsmoosname informéieren, Schoulkanner weisen, wéi se sécher mam Vëlo an d'Schoul komme kënnen, a vill méi.

Dës Aktivitéiten a nach vill weiderer bidde mir iech dëst Joer an der Mobilitéitswoch un. De ganze Programm fannt dir an dëser Broschür.

Ech wënschen iech eng schéin Mobilitéitswoch!

David VIAGGI,
Buergermeeschter vu Biissen



3. Alter Trëppeltour

Dënschden, 16. September, 14 Auer
Rendez-vous: um Maart

“Biisser Bësch fréier an haut”

*Ee flotten Trëppeltour iwwert de Komfort-Wanderwee zu Biissen mat enger
Féierung vun eisem Fierschter.*

PROGRAMM

14:00: Départ um Maart

17:00: Retour um Maart

#mobilityweek

#bissen



Aweigung vun den Parkauern um Rouscht & Coffee to Go

Mëttwoch, 17. September

Coffee to Go: um Parking bei der Gemeng

Aweigung: um Parking bei ZAC



PROGRAMM

Coffee to Go


7:00 - 9:00: um Parking bei der Gemeng

Aweigung vun den Parkauern

17:00: Usprooch um Parking bei ZAC

17:30: Invitatioun op ee Patt (Golden Grape)

Profitéiert moies vun engem leckere Kaffi an enger gudder Mëtsch bei der Gemeng. Am Nomëtte ginn d'Parkauern um Rouscht ageweit, an als Ofschloss gëtt et ee Patt beim 'Golden Grape'.



#mobilityweek

#bissen

Scooterloop

Schoulsport am Frounert

*Mëttwoch 17. bis Freiden 19. September
fir d'Primärschoul*

De Scooterloop ass eng Anlag fir sech mat Trotinetten, Rollschung, Skateboards an allméigleche Rullgeräter ze beweegen. D'Primärschoulkanner ginn zesumme mat dem Dr. Prof. Rolf Schwarz dohin fir jeeweils eng Sportstonn. De Scooterloop steet vum 12 bis den 22 September am Frounert.

PROGRAMM

17.09, 18.09, 19.09: Zesummen mat den
Enseignanten vun der Primärschoul am
Frounert


#mobilityweek #bissen



Konferenz mam Dr. Prof. Rolf Schwarz

*Donneschdeg, 18. September, 19 Auer
am Wonerbatti*

Den Dr. Prof. Rolf Schwarz wäert ee Virtrag halen iwwert d'Beweeegung bei de Kanner an hie
wäert erkläre firwat dat esou wichteg ass fir hier Entwécklung.



#mobilityweek
#bissen



PROGRAMM

19:00: Virtrag vum Dr. Prof. Schwarz

20:00: Diskussiounsronn mat unschléissen-
dem Patt

Mam Vëlo an de Lycée

*Freiden, 19. September, Start: 7 Auer
Treffpunkt: Parking bei der Gemeng*

PROGRAMM

7:00: Start bei der Gemeng

7:50: Arrivée beim Saint-Anne

8:00: Arrivée beim Ermesinde/LTPES

15 Minuten no Schoulschluss: Retour vun de
Lycéen op Bissen (moies gëtt den Treffpunkt
ausgemaach)

Den 19. September fuere mir zesumme mat den Schüler aus dem Saint-Anne an dem Ermesinde/LTPES an de Lycée. Mir fänken alleguer zesummen zu Bissen bei der Gemeng un a fuere vun do aus op Colmer wou mir déi Schüler asammelen an dann virun an de Lycée fueren. All Schüler dee matfiert kritt ee coole Goodie-Bag mat flotte Saachen.



#mobilityweek
#bissen

De Waasserdag

Samstes, 20. September
Frounert & Wonerbatti



De Waasserdag ass am Kader vun de Klimapakt-Assisen organiséiert. Zwëschent 9 a 14 Auer sinn am Frounert een Infomobil zur Informatioun iwwert Héichwaasser an Iwwerschwemmungen, souwéi d’Pomjeen déi iwwert hir Erfarunge mat dem Thema hei zu Biissen schwätzen. Tëschent 11 an 12 Auer ginn verschidde Präsentatioune gehal an erkläert wéi dir iech als Bierger kënnt virun Iwwerschwemmungen an Héichwaasser schützen. Am Wonerbatti hänken och Biller vun den Kanner aus der Maison Relais, déi si zum Thema Héichwaasser an Iwwerschwemmungen gemolt hun.

#mobilityweek
#bissen



PROGRAMM

9:00-14:00: Infomobil vum Hochwasser
Kompetenz Zentrum am Frounert
9:00-14:00: CIS Bissen am Frounert

11:00: Usprooch an aktuelle Stand vum Klima
Pakt am Wonerbatti
11:20: Virtrag vum Planungsbüro Hömme
11:40: Virtrag vun Inca
12:00: Oppen Diskussionsronn

Blann am Verkéier

Umellen fir de Parcours:



*Méindes, 22. September
vun der Gemeng an de Wonerbatti*

Zesumme mat der Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung organiséiere mir een Owend zum Thema "Blann am Verkéier". Am Wonerbatti gesitt dir wéi een ee Wäisse Bengel benotzt a wéi eng aner Hëllefsmëttel et fir blann Leit ginn. Et gött och ee Parcours ugebuede wou ee léiert wéi ee blanne Leit kann op der Strooss hëllefen (nëmme limitéiert Plazen).

#mobilityweek
#bissen



PROGRAMM

17:50: Treffpunkt bei der Spillschoul fir de
Parcours

18:15/18:30/18:45: Startzäiten vun de
Parcoursen

18:00-19:00: Aktivitéiten am Wonerbatti

19:00: Een Ofschlossfest mat engem Patt a
Schnittercher am Wonerbatti



Réckbléck op déi lescht **Mobilitééitswoch**



#mobilityweek #bissen

Programm

	Virwuert vum Buergermeeschter	2
Dönschden 16. September	Trëppeltour mam Drëtten Alter	4
Mëttwoch 17. September	Aweigung vun de Parkaueren & Coffee to go	5
17.-19. September	Schoulsport am Frounert	6
Donneschden 18. September	Konferenz mam Dr. Prof. Rolf Schwarz	7
Freiden 19. September	Mam Vëlo an de Lycée	8
Samsden 20. September	Den Waasserdag	9
Méindden 22. September	Blann am Verkéier	10



EUROPÄESCH MOBILITÉITSWOCH

16.-22. SEPTEMBER 2025 - BISSEN.LU/EMW
E-mail emw@bissen.lu Tel. +352 83 50 03 - 528

